

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Als Reaktioun op d’parlamentaresch Fro n°5711 vum 8. Februar 2022 hu sech etlech Leit bei mir gemellt fir mer ze soen, datt et aktuell och an aneren Deeler vum Éislek Problemer gött.

Sou wier et och lo fir d’Schüler net méi méiglech fir vu Géisdref direkt op Kautebaach op d’Gare mam Bus ze fueren. Si kréie rekommandéiert fir mam Bus op Wootz ze fueren oder op d’Giewelsmillen, wat awer méi Zäit kascht an ëmständlech ass.

Doriwwer eraus schéngen aner Linnen, wéi z.B. déi tëscht Baaschtnech a Maarnech, déi ganz dacks den Dag iwwer fueren, däitlech ënnerbelaascht ze sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister bereet fir d’Buslinien am Éislek sou séier wéi méiglech enger allgemenger Iwwerpräiwung ze ënnerzéien, fir se de Bedürfnisser vun de Leit, besonnesch awer vun deene Jonken, déi an d’Schoul fueren, unzepassen?*
- Léisst de Ministère de Moment Zielungen duerchféieren, fir sech méi e geneet Bild iwwer d’Situatioun ze maachen?*
- Ass den Här Minister gewëllt fir de Schüler aus der Gemeng Géisdref entgéintzekommen, déi virun Dezember 2021 direkt op Kautebaach mam Bus konnte fuere fir op*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

*Clierf oder an d'Nordstad an de Lycée ze kommen, an den
Horaire an hirem Interesse punktuell unzepassen?“*

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten